

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Wéi een am Nationale Mobilitéitsplang 2035 noliese kann, soll d'Tramnetz an der Stad Lëtzebuerg via Neipuertsqaass, Royal Hamilius, Stäreplaz an Areler Strooss un de Centre Hospitalier ugebomme ginn. An deem Zesummenhank ass virgesinn, an der Neipuertsqaass, an zwar laanscht d'Kinnekswiss, Beem ofzeholzen, fir Plaz fir déi nei Tramtrass ze maachen, ouni dobäi déi bestoend Trassen (Foussgänger, Vëlofuerer, Bussen an Autoen) ze tangéieren. Dëse Projet huet net nëmme fir Onrou bei enger Naturschutzorganisatioun gesuergt, déi kritiséiert, datt duerch déi nei Tramtrass an der Neipuertsqaass Beem ofgeholzt ginn, déi eng wichteg Roll beim Erofkille vun der Stad spillen a verschidde protegéiert Vullenaarten a Flantermais abritéieren, mee och bei der Vereenegung vun de Frënn vun der Festungsgeschicht, déi drop hiweisen, datt duerch d'Bauaarbechten an der Neipuertsqaass eventuell Deeler vu Festungsanlagen zerstéiert géifen, déi zum Deel just ee Meter ënner der Äerd leien.

An deem Zesummenhank hu mir folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister:

- 1) Kann den Här Minister preziséieren, ob no Léisunge gesicht gëtt, wéi een am Hibleck op d'Bauaarbechten an der Neipuertsqaass verhënnere kann, datt wäertvolle Liewensraum vu geschützten urbane Vullenaarten zerstéiert gëtt?
- 2) Gëtt säitens dem Ministère un engem Konzept geschafft, wéi ee verhënnere kann, datt am Hibleck op déi genannt Bauaarbechten Deeler vun de Festungsanlagen zerstéiert ginn? Wa jo, wéi gesäit dat Konzept aus?

Mat déiwem Respekt,

